N°1328
Entrée le 10.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.10.2024
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber
Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9 Oktober 2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden.

Rezent ass zu Lëtzebuerg eng administrativ Decisioun iwwert den Non-Renouvellement vun engem Titre de séjour vun engem iranesche Konschtfotograf geholl ginn, deen an der Zivilgesellschaft – a besonnesch an der Lëtzebuerger Kulturzeen – eng Partie grondleeënd Froen opgeworf huet.

De Kulturminister huet eegenen Aussoen no an der Press eng éischte Kéier vun där Decisioun gelies.

An deem Kontext wéilt ech dem Minister dës Froe stellen :

- Wéi oft kënnt d'Commission consultative pour travailleurs indépendants zesummen ?
- Wéi vill Demandë leien der Commission consultative am Duerchschnëtt vir ? Wéi vill Demanden si positiv respektiv negativ aviséiert ginn ?
- Ass et an der Vergaangenheet schonns virkomm dass de Minister den Avis net suivéiert huet ?
- Wat ass d'Definitioun vun enger ekonomescher Valeur am Kontext vu kënschtlerescher Aarbecht ? Op wéi eng Krittäre gëtt sech hei baséiert respektiv wéini erfëllt eng Persoun dës Krittäre ?
- Wat ass mat der « intégration dans le contexte économique national ou local » gemengt ?
- Firwat ass de Kulturministère vun der Commission consultative net ëm seng Aschätzung gefrot ginn, obwuel de betreffende Règlement grand-ducal vum 5. September 2008 déi Méiglechkeet virgesäit ?
- Firwat gouf déi Piste vum Direkter vun der Kulturfabrik (KUFA) net zeréckbehalen, dem iranesche Kënschtler e Certificat à durée déterminée iwwert 6 Méint ze gi mat der Aussicht op en Openthalt an enger Kënschtlerresidenz zu Buerglënster ?

Mat déiwem Respekt,

Taina Bofferding
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu